# Generalversammlung 2021

Dënsdeg, 23. Mäerz 2021, Veräinssall, Steeën

AERENZDALLGEMENG

1

# Programm

1. Begréissung
2. Aktivitéitsbericht 2020
3. Finanzbericht 2020
4. Bericht vun de Keesserevisoren
5. Wahlen
6. Programm 2021
7. Cotisatiounen 2021
8. Fräi Aussprooch

AERENZDALLGEMENG

2

# Begréissung

Pit Friederes, President

(Gedenkminute Jean Fettes, Albert Feyder)

AERENZDALLGEMENG

3

# Aktivitéitsbericht 2020

**Buerfousswanderwee / Motorikpark**

- ✓ Duerch “Vakanz Doheem” war de Wee ganz beléift
- ✓ 46 ugemellten Gruppen (total plm 1200 Läit) vun Schoulkanner, Maison Relais, Crèchen, Altersheemer, ...
- ✓ awer och vill Familljen mat Kanner sinn komm, mer hunn 1700 individuell Persounen gezielt.




EUREWELCOME LUXEMBOURG



AERENZDALLGEMENG

4

# Aktivitéitsbericht 2020

**Buerfousswanderwee / Motorikpark**




- ✓ Och vill Turisten fannen eis als Attractioun iwwert der LuxembourgCard an den 100 things to do vun Luxembourg for Tourism, wou d'Lëtt déi mat der Kaart kommen, e Glas Eppelpressjus no der Wanderung kréien.
- ✓ Mer hun eng näi Ufro gemeet bei „Ponts et Chaussées" fir Hinweis Schëlder, wat eis dun fir en zäitlech begrenzt Schëld accordéiert ginn ass

SIT AERENZDALLGEMENG

5

# Aktivitéitsbericht 2020

**Aktivitéiten / Events an der Aerenzdallgemeng**

**Aerenzdall Events**

- ✓ Normalerweis halen mer den Aktivitéitskalenner à jour wou mer iwwert den Site vum Kulturministère Events.lu, eng gudd Reklamm kënnen maachen fir d'Organisatiounen vun den Veräiner aus der Aerenzdallgemeng.
- ✓ Och d'Facebook Säit http://www.facebook.com/EventsAerenzdall gëtt ëmmer à jour gehalen mat allen Manifestatiounen aus der Gemeng.
- ✓ Leider konnten déi meescht Manifestatiounen 2020 net stattfannen.

SIT AERENZDALLGEMENG

6

# Aktivitéitsbericht 2020

**Seniorentreff**

- ✓ Normal all éischten Mëttwoch am Mount zu Iermsdref am Veräinssall, wou all Awunner aus der Gemeng häerzlech wëllkomm war fir e flotten Nomëtteg.  Leider just am Januar a Februar 2020 méiglech. Merci dem Roger Bourg als „Wiert".

**Wanderweeër**

- ✓ Et gëtt en Tour de rôle fir déi Wanderweeër déi iwwert eis Gemeng lafen, reegelméisseg ze kontrolléieren.

**Eis Memberen an Hëllefen**

- ✓ Fir den Memberen Merci ze soen fir hier Hëllef am Joer war am Januar 2020 e flotten Kéissowend.

SIT AERENZDALLGEMENG

7

# Aktivitéitsbericht 2020

**Weekend vun den Lëtzebuerger Produkter, virgesinn fir den eischten Weekend am September 2020**




- ✓ Och deen huet missten annuléiert ginn.
- ✓ Fir eisen treien Aussteller awer eng Plattform ze ginn, hunn mer eng Brochure mat hiren Kontaktdaten zesummegestallt, an dat mat engem "toutes boîtes" an der Regioun ausliwweren gelooss.

- ✓ Och den traditionellen Publi-Reportage huet Reklamm gemeet fir eis Aussteller.

SIT AERENZDALLGEMENG

8



Luxemburger Wort Mittwoch, den 2. September 2020 — Advertorial | 39

## Publi-Reportage

### Weekend vun de Lëtzebuerger Produkter Miedernach

Leider fällt déi dësjäreg Editioun vun eisem beschtbekannte Weekend vun de Lëtzebuerger Produkter dem Corona-Virus zum Affer. Well mir awer ongebremst vun der Wichtegkeet vun der regionaler a lokaler Produktioun iwwerzeegt sinn, hu mir decidéiert, fir eng Broschür ze drécken an eise Frënn a Bekannten ze schécken. An eiser Broschür fannt Dir déi meescht vun eisen Aussteller vum leschte Joer. Dir kënnt se gäre bestellen iwwert contact@medernach.info oder um Telefon 691 867 753, der kënnt se och downloaden op www.medernach.info. Wann Dir si wëllt ënnerstëtzen, da kënnt Dir dëst maachen, andeems Dir Är Bestellung direkt bei dem jeeweilege Produzent maacht. Si fanne bestëmmt eng Méiglechkeet, fir Iech ze beliwweren.

Mir sinn a bleiwen jiddefalls der Meenung: „Mir hunn am Ländche gutt Saachen". Bleift all gesond a mir hoffen, datt mer Iech all d'nächst Joer zu Miedernach op der gewinnter Plaz erëmgesinn.

Mir soe MERCI fir Ären Interessi.

Am Numm vum Comité,
**Pit Friederes**
**President vum Syndicat d'initiative et du tourisme Aerenzdallgemeng**

**Weekend Lëtzebuerger Produkter zu Miedernach 2021**
Samsdeg, 2. September a Sonndeg, 3. September 2021

*Nodeems d'lescht Joer den 30. Gebuertsdag vun der Lëtzebuerger Produktausstellung zu Miedernach gefeiert gouf, ass et dëst Joer wéinst de Corona-Virschrëften net méiglech, dës Manifestatioun ofzehalen.*

Eis Aussteller vum leschte Joer, déi frou sinn, wann Dir eng Bestellung bei hinne wëllt maachen

| | | |
|---|---|---|
| **Mëllerdaller Produzenten a.s.b.l.** | | *Roger Baulesch, Medernach, Zoossisse vum Schof oder mat Schwéngefleesch<br>Biokéiserei Baltes, Stegen, Geessemellech-Produkter<br>Distillerie Miny, Nommern, Dréppen a Likören<br>FRU & Tudorsgeeschter-Spezialitéiten aus der Distillerie FRU \| Jusen & Wäiner<br>Claire Larry, Mëllerdall, Hunneg<br>Les Liqueurs du Château, Beaufort, Cassero & Framboise des bois<br>Metzlerei Wietor, Beaufort, Zoossissen, Ham a Charcuterien<br>Moulin J. P. Dieschbourg, Echternach, Hunneg vun der Dieschbourger Millen* |
| **Eppelpress** | Eppelduerf | *Eppelpress – Äre Viz vun Ären Äppel; Viz a Vizméschungen, Gebeess, Balsamesseg, Sirupen* |
| **Boucherie Hoffmann et fils** | Medernach | *De Metzler aus der Gemeng* |
| **Mike Meyers, Neienshaff** | Medernach | *Gromperen: Zorten Annabelle, Victoria, Linda, Nicola, Agria, Bintje an Désirée* |
| **Opyos Beverages** | Keiwelbach | Opyos-Gin |
| **Roude Léiw Bounekaffi** | Folkendange | *BIO + Fairtrade-Bounekaffi + biologesch ofbaubar a kompostéierbar Kaffikapselen (Nespresso kompatibel)* |
| **Sonuspunktur** | Eppelduerf | *Stimmgabeltherapie* |
| **Institut luxembourgeois de thérapies alternatives** | Ermsdorf | *Magnetissem a Relaxatioun* |
| **Apis Jungels** | Brandenbourg | *Beieprodukter: frësch geschleiderten Hunnig, Pollen, Hunnigdrëpp, Met a Käerzen* |
| **Boulangerie Jos a Jean-Marie** | Mertzig | *Brout* |
| **Caves Anne Duhr-Maddalon** | Niederdonven | *Crémant, Wäiner* |
| **Naturpark Oewersauer** | Esch-sur-Sûre | *Duch vum Séi, Bléi vum Séi, Téi vum Séi, regional Corbeillen & Visitte vun der Duchfabrik* |
| **Bauereninitiativ Eislek & Naturpark Ourdall (BEO)** | Kalborn | *Beola-Ueleg vu Raps, Hanf, Leinsamen, Mohn a Sinneblummen; Ourdaller Béier, Ourdaller Moschtert Silberbuchweizen (Miel, Nuddelen, Béier Wëllen Ourdaller), Téi: Hanf-Fenchel-Téi; Kären: Mohn, Lein, Hanf* |
| **Den Heischter** | Heiderscheid | *Heischter – Béier aus dem Naturpark* |
| **Moutarderie de Luxembourg** | Munsbach | *Mir produzéiere 4 verschidden Zorte Moschtert, 3 Mayonnaisen, Ketchup an Andalousen- a BBQ-Zooss. All eis Zoosse fannt Dir an Ärem Supermarché!* |
| **Distillerie Muller-Lemmer** | Contern | *Drëpp, Likör, Gin, Whisky, Uebst a Geméis* |
| **Seabiscuit** | Wiltz | *Le biscuit luxembourgeois, le goût du «fait maison»* |
| **Ginix** | Luxembourg | *Hand Distilled Gin of Luxembourg* |
| **Mellis** | Luxembourg | *MELLIS – Finest Honey Products* |
| **An Dottesch** | Weiler-la-Tour | *Produktioun a Verkaf vun eise Lëtzebuerger Schofmëllechprodukter a Glace* |
| **ULC Union luxembourgeoise des consommateurs** | Luxembourg | *Eisen Job: Berodung, Verdeedegung an Informatiounen iwwert de Konsumenteschutz* |
| **Luxroots.com** | Luxembourg | *Familljefuerschung* |
| **Caisse médico-complémentaire mutualiste** | Luxembourg | *Complémentaire Santé* |


FRIEDERES ASSURANCES
lalux
T (+352) 26 80 22 - 1 WWW.FRIEDERES.LU

JOS/JEAN-MARIE
BOULANGERIE & PÂTISSERIE
WWW.JJM.LU TÉL.: 88 92 86

KISCH CONSTRUCTIONS
CONSTRUCTION GENIE CIVIL FACADE
23, rue d'Ermsdorf
L-7662 Medernach
Tél : 87 94 94-1
info@kisch.lu
www.kisch.lu

Familljefuerschung zu Lëtzebuerg
liicht gemaach mat
luxroots.com

ELA Luxembourg asbl
BGL-BNP Paribas
LU03 0030 7539 5205 0000

Caves Duhr-Maddalon
Anne Duhr-Maddalon
VIGNERONNE – RECOLTANTE
VINS – CREMANTS LUXEMBOURGEOIS
9, rue Puert – L-5433 NIEDERDONVEN
Tél : +352 76 01 88
info@duhmic.lu www.duhmic.lu

Liqueurs du Château de Beaufort
www.liqueurs-du-chateau.lu

Sonuspunktur
Lydie Friederes-Havé
info@stimmgabel.lu 24, Schlappgaass
www.stimmgabel.lu L-9365 Eppeldorf
(+352) 621 181 425 Termin nach Absprache

Regional Schoofleesch
Baulesch Roger - Tel. : 691 303 354

PRODUKTER AUS DEM NATURPARK ÖEWERSAUER
...OCH FIR MAT AN D'SCHOUL ODER OP D'SCHAFF.
NATURPARK ÖEWERSAUER
WWW.NATURPARK-SURE.LU

EPPEL PRESS

ILTA
Institut Luxembourgeois de Thérapies Alternatives
Mir bidden Iech un:
• Magnetissemseancen
• Individuell- oder Grupperelaxatioun
• Relaxatioun an Entreprisen
• Formatioun am Magnetissem
• Formatioun an der Relaxatioun
Weider Renseignementer ënnert www.ilta.lu oder um Tel. 691 41 69 67

Metzlerei WIETOR
BEAUFORT & ECHTERNACH
Tel. 83 64 85-1 Fax. 86 90 87
www.wietor.lu
Metzlerei Wietor


Advertorial: www.regie.lu

9

# Aktivitéitsbericht 2020

## Hierschtwanderung



✓ Hierschtwanderung war ugepasst, Touristen konnten individuell goen an hu missten eng Fro beäntwerten, wat bewisen huet dat se de Wee och gaangen sinn, an hunn dann e Gedrénks spendéiert ginn. Dovunner hunn eng 20 Lett Gebrauch gemeet.

AERENZDALLGEMENG

10

# Aktivitéitsbericht 2020

**90. Gebuertsdag**

- ✓ Béi engem 90. Gebuertsdag mecht de Syndicat zesummen mat der Gemeng ëmmer eng kleng Feier, an sicht dann och d'Virfaren vum Jubilar.
- ✓ 2020 hunn am Juni den Camille Pletschette an den Aloyse Lies 90 Jaar kritt, an November Viviane Hennequin-Kintzelé, mir konnten si leider net féieren, mer hunn hinnen dann just eng Corbeille an d'Recherchen zu den Virfaren bruecht.

**Betrieber aus der Gemeng mat Jubiläum**

- ✓ Januar 2020 : Féier mat der Gemeng fir 70 Jaar Entreprise Kisch zu Miedernach

SIT AERENZDALLGEMENG

11

# Aktivitéitsbericht 2020

**Tourist Info um Camping Kengert**

- ✓ Prospekter vun Luxembourg for Tourism an Office Regional du Tourisme Mullerthal-Petite Suisse Luxembourgeoise, ginn ausgedeelt an Wanderkaarten verkaaft
- ✓ Mer hunn am Laf vum Joer 2020 deelgeholl un verschiddenen zoom Versammlungen "Tourist Info Stammdësch" vum ORT; um Webinar „ Tourism Days - Unterstützung bei der Digitalisierung von Vereinigungen im Tourismussektor" vum Tourismusministère (do haten mer och den Questionnaire ausgefëllt); um Regiondo Seminar "Best Case Luxemburg: Wie man Tourismus in Zeiten von Corona möglich macht!"; un den eischten Reuniounen vum LEADER-Projet "Entdeck d'Regioun Mëllerdall".

SIT AERENZDALLGEMENG

12

# Aktivitéitsbericht 2020

- ✓ Den ORT Mellerdall huet e Molbuch erausginn fir Kanner, wou fir all Uertschaft eng Säit fir aus ze molen ass, an e Spill.  Héi gesidd der d'Säit fir den Buerfousswanderwee. D'Buch ass am Verkaf fir 4,50 euro



SIT
AERENZDALLGEMENG

13

# Aktivitéitsbericht 2020

**Tourist Info um Camping Kengert**

- ✓ Den Tourist Info ass och Mullerthal Trail Partner ginn




Mullerthal Trail Partner©

SIT
AERENZDALLGEMENG

14

# Aktivitéitsbericht 2020

- ✓ Wanderweeër : et goufen nei Schëlter opgestallt bei Eisenkimmerchen, Backuewen an Deivenkimmerchen




AERENZDALLGEMENG

15

# Aktivitéitsbericht 2020

**Internetsite www.medernach.info**

- ✓ Den Internetsite gëtt à jour gehalen.
- ✓ E groussen Deel vum Contenu kënnt automatesch vun der base de données vum LFT, respective ORT (Hebergements, Attractiounen, etc) an d'Texter sinn esou gestallt, dat Sichmaschinnen wei Google eis besser indexéieren an fannen.
- ✓ Manifestatiounen ginn wei virdrun iwwert den events.lu mat ugewisen.




AERENZDALLGEMENG

16

# Finanzbericht

Michelle Marzona-Fior, Trésorière

AERENZDALLGEMENG

17

# Bericht vun de Keesserevisoren

Josette Ries-Schaack an Bob Bintz
Wahl vun den Keesserevisoren

AERENZDALLGEMENG

18

# Wahlen

**Statutär Wahlen :**

- ✓ **sortants an rééligibel sinn : Pit Friederes, Michelle Marzona-Fior, Raymond Linden, Raoul Vehent.**
- ✓ **Eng Plaz am Comité ass fräi.**

Kandidaturen : Roger Bourg

19

# Programm 2021

- ✓ Grouss Botz  op eng individuell Basis, do kommen nach Detailer vun der Gemeng an der Ëmweltkommissioun.
- ✓ Mir hunn eis Demande fir en zäitlecht begrenzt Schëld bei „Ponts et Chausées“ erëm gemeet, an och den Mailing un Schoulen, Maison Relais an Crèchë ass geplangt.
- ✓ Mer erneieren d’Schëlter déi op den Buerfousswee hiweisen.
- ✓ klasseschen Concert an der Kierch vun Eppelduerf, hänkt nach vun den sanitären Moossnamen of

20

# Programm 2021

- ✓ Seniorentreff, Seniorenausflug an Seniorenféier maachen mer, wann et erëm méiglech ass.
- ✓ De Weekend vun de Lëtzebuerger Produkter den 4. an 5. September 2021.  Mer hoffen drop, dat et stattfannen däerf, mer hunn schonns e puer Virbereedungen gestart.

AERENZDALLGEMENG

21

# Programm 2021

- ✓ Hierschtwanderung den 24. Oktober 2021 mat gratis Iertsebulli, Départ zu Miedernach.
- ✓ 90 Jaar Féieren : och 2021 kréien verschidden Läit aus der Uertschaft 90 Jaar an eng Persoun 100 Jaar.
- ✓ Weiderhin suergen mer fir eisen internet-site an d'Info iwwert d'Manifestatiounen an der Gemeng.

AERENZDALLGEMENG

22

# Programm 2021

- ✓ lokal Wanderweeër : den M4 an M5 ginn zesummen geluecht, andeems dat gemeinsaamt Stéck erausgeholl gëtt.
- ✓ Mer plangen un engem neie M5 deen vun Miedernach op Kengert géif goen an dann erof laanscht de „Champignon“. Do mussen mer awer waarden wéi den nationalen Plang wäert sinn fir den Bëschbesëtzer em hier Erlabnis ze froen.
- ✓ Bei den nationalen Wanderweeër soll och den „sentier de la Petite Suisse“ e Stéck duerch de Bësch bei Kengert ëmgeluecht ginn.
- ✓ Wann déi nei Gemeng fäerdeg ass, gëtt den Startpunkt vun de Wanderungen dohinner verluecht.



23

# Cotisatiounen 2021

- zéro € fir membre effectif
- 5 € fir membre honoraire
- 40 € fir Sponsoring, oder eng Annonce am publi-reportage fir den Weekend Lëtzebuerger Produkter.

24

# Fräi Ausssprooch

25

# Programm 2021

- ✓ Mer plangen un der Installatioun vun Infrastrukturen fir Vëlosfuerer bei béiden Campinger, zum Beispill Bike-Repair Statioun, Bike-Wash Statioun, Bike-Ladestatioun.




26

## Zesummenstellung vum Comité vum Syndicat d'Initiative et du Tourisme Aerenzdallgemeng a.s.b.l. no der Generalversammlung.

| | |
|---|---|
| Pit Friederes | President |
| Robert Gedink | Vice-President |
| Michelle Marzona-Fior | Trésorier |
| Linda Gedink | Secrétaire |
| Jean Buck | membre |
| Raoul Vehent | membre |
| Jean-Marie Speltz | membre |
| Roger Bourg | membre |
| Raymond Linden | membre |
| Anabela Barroso | membre |
| Mim Fandel | membre |
| Fränz Ries, conseiller | représentant de l'administration communale |
| Emile Dostert | membre coopté |
| Muriel Pfeiffenschneider-Kesler | membre coopté |
| Bob Bintz | réviseur de caisse |
| Josette Ries-Schaack | réviseur de caisse |

AERENZDALLGEMENG

27

## Kontakter

Syndicat d'Initiative et du Tourisme Aerenzdallgemeng a.s.b.l.
(Medernach, Savelborn, Ermsdorf, Eppeldorf, Stegen, Folkendange, Keiwelbach, Kengert)
RCS no F9024

p/a Kengert, L-7633 Medernach

Aer Kontakter 2020 :
Président Pit Friederes Tel. 691-867753
Secrétaire Linda Gedink Tel. 837186 Fax. 878323
e-mail : contact@medernach.info
web : www.medernach.info

Trésorie :
BCEE Feels : IBAN LU28 0019 3755 8169 6000
BIL Mersch : IBAN LU51 0023 0100 3545 5400

AERENZDALLGEMENG

28